adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

Här Gast Gibéryen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
04 DEC. 2018
74

Tratten, den 3. Dezember 2018

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

Zanter e puer Joer ass festzestellen, dat mir - verbonne mat méi héijen Temperaturen - manner Nidderschlag hunn. Dëst huet ënnert anerem och een Afloss op d'Reserve vun eisem Drénkwaasser, déi lues erof ginn.

An dësem Kontext géif ech gär folgend Froen un d'Madamm Ëmweltminister stellen:

1) Ewéi huet sech de Verbrauch vum Drénkwaasser an de leschte 5 Joer am Land entwéckelt?
2) Wéi laang huet Lëtzebuerg am Kontext vun der hypothetescher Berechnung vun dësem Verbrauch an der Weiderentwécklung vun dësem Wieder nach Reserven a wéi deelen dës Reserven sech op?
3) Envisagéiert d'Regierung am Fall vun der uewe genannter Weiderentwécklung vum Waasserverbrauch an dem Wieder nach weider Drénkwaasserreserven unzeleeën? Wa jo, wéi géif d'Regierung konkret virgoen, fir weider Reserven unzeleeën ?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire** **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
**ADR – Parti politique**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 21 JAN. 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
21 JAN. 2019

Service central de législation
Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement

**Objet :** Question parlementaire 74

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire 74 de l'honorable député Monsieur Jeff Engelen tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Carole Dieschbourg



Adresse postale
L-2918 Luxembourg

Tél. (+352) 247-86824
Fax (+352) 400 410

4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

www.emwelt.lu
www.gouvernement.lu

**Réponse de la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable à la question parlementaire n°74 du 3 décembre 2018 de l'honorable député Monsieur Jeff Engelen**

***Aleedung***

Onofhängeg vun den Waasserreserven a vun der maximaler Produktiounskapassitéit, ass et wichteg ze bemierken dat den Drénkwaasserreseau nom duerchschnëttlechen Drénkwaasserverbrauch dimensionéiert ass. Déi maximal Drénkwaasserliwwerung ass deemno net wéinst den disponibelen Waasserquantiéiten oder Produktioun limitéiert, mä ass ofhängeg vun der Dimensioun vum Réseau.

***1) Ewéi huet sech de Verbrauch vum Drénkwaasser an de leschte 5 Joer am Land entwéckelt ?***

Trotz engem Bevëlkerungswuesstem vu +/- 100.000 Léit zënter 2010 ass de spezifesche pro-Kapp-Verbrauch, deen dem Gesamtverbrauch inklusiv Industrie, Gewerbe a Frontalieren gedeelt duerch d'Awunnerzuel entsprécht, tëscht 2005 an 2015 däitlech erofgaang; vun 236 l/Awunner/Dag op 202 l/Awunner/Dag. Dëse Réckgang ass zum groussen Deel duerch den Asaz vu méi waasserpuerenden Armaturen an Haushaltsmaschinnen, mä och duerch d'Aféiere vum käschtendeckende Waasserpräis z'erklären. De Fait dass d'Upassung vum Waasserpräis e groussen Impakt hat, weist dass d'Sensibiliséierungsaarbecht op dësem Niveau ganz wichteg ass. Säit dem Joer 2015 huet de Bevëlkerungswuesstem zesumme mam Wirtschaftswuesstem de Spuereffekt vum Waasserpräis wett gemaach. De spezifesche Waasserverbrauch ass erëm em 2% geklommen, huet sech awer bis haut stabiliséiert.

***2) Wéi laang huet Lëtzebuerg am Kontext vun der hypothetescher Berechnung vun dësem Verbrauch an der Weiderentwécklung vun dësem Wieder nach Reserven a wéi deelen dës Reserven sech op ?***

Zu Lëtzebuerg gëtt ongeféier 50% vum Drénkwaasser aus dem Grondwaasser gewonnen an déi aner 50% aus dem Stauséi zu Esch-Sauer. Déi maximal Produktiounskapassitéit vum Drénkwaasser läit bei 177.600 $m^3$/Dag. Dovu kommen 70.000 $m^3$/Daag vum Stauséi, 66.000 $m^3$/Daag aus de Grondwaasserreserven vun de Gemengen an 41.600 $m^3$/Daag vun de Noutbuerungen vum SEBES.

Den Duerchschnëttsverbrauch läit aktuell bei 125.000 $m^3$/Dag. Mat der hypothetescher Berechnung vun dësem Verbrauch an dem demographeschem an ekonomeschem Wuesstem vu Lëtzebuerg, wäert den Duerschnëttsverbrauch am Joer 2040 bei 170.000 $m^3$/Dag leien.

Wärend de waarme Summerdeeg, läit de Spëtzeverbrauch aktuell bei 161.000 $m^3$/Dag. Fir de Spëtzeverbrauch kennen ofzedecken, mussen d'Noutbuerungen vum SEBES benotzt ginn. Aus dësem Grond gëtt zu Eschduerf déi nei SEBES-Anlag gebaut mat enger Erhéijung vun der Opbereedungskapazitéit vu 40.000 $m^3$/Dag. Dësen Invest vun 166 Millioune Euro, mat enger Bedeelegung vun 83 Millioune Euro duerch den Waasserfong, soll 2021 a Betrib geholl ginn an an d'Netz aspeisen. Ab 2021 läit déi maximal Produktiounskapazitéit vum Drénkwaasser bei 217.600 $m^3$/Dag.

De Klimawandel an eventuell sech heefend Drëcheperioden, respektiv eng Verschiebung vun de Reenphasen wäert en Afloss op d'Disponibilitéit vun de Ressourcen hunn. Et ass zum haitegen Zäitpunkt awer nach schwéier virauszesoe wéi deen Impakt sech an Zukunft wäert erëmspigelen. Wéi uewe beschriwwen, muss fir de Spëtzeverbrauch ofzesécheren, Waasser aus

de Noutbuerunge vum SEBES benotzt ginn. Soumat stinn dës Noutreserven net méi zur Verfügung fir de Fall vun engem Imprévu. Fir laangfristeg eis Reserven ze schütze, mussen dofir ab elo Moossnamen ergraff ginn, fir d'Spuerpotential ze erhéijen, d'Senisibiliséirung bei der Bevëlkerung ze stäerken, bestehend Ressourcen ze schützen (Ausweisen vun Drénkwaasserschutzzonen an Ëmsetzen vun Moossnamenprogrammer), an awer och no zousätzleche Ressourcen ze sichen.

***3) Envisagéiert d'Regierung am Fall vun der uewe genannter Weiderentwécklung vum Waasserverbrauch an dem Wieder nach weider Drénkwaasserreserven unzeleeën ?***

Fir laangfristeg, nohalteg a qualitativ héichwäertegt Drénkwaasser zu Lëtzebuerg kënnen ze liwweren, mussen:

- all eis bestoend a potentiell zukünfteg Ressource geschützt ginn ;
- de spezifesche Verbrauch duerch Spuermoossname gesenkt ginn an ;
- nei Ressourcen exploitéiert ginn.

Nëmmen en Zesummespill vun deenen 3 Moossnamen erlaabt et, fir dëst Ziel ze erreechen.

Dowéinst huet d'Regierung säit 2013 ronn 90 % vun den Drénkwaasserressourcen (Quellen, Buerungen an Stauséi) duerch Reglementer geschützt, respektiv leeft eng Prozedur fir geschützt ze ginn. Ronderëm den Uewersauerstauséi ginn nei Schutzzonen ausgewisen, déi am Moment als Projet vun engem groussherzogleche Reglement virleien an am Géigesaz zu der aktueller Legislatioun dat ganzt Anzuchsgebitt vum Stauséi ofdecken. Mee eleng d'Delimitatioun bréngt nach keen aktive Schutz, dofir sinn elo d'Moossnameprogrammer an de Schutzzonen an Ausaarbechtung.

Bis Fréijoer 2019 wäerten och d'Handlungsfelder fir d'Spuermoossnamen definéiert sinn.

D'Waasserverwaltung studéiert verschidde Piste fir zousätzlech Ressourcen z'exploitéieren, souwuel weider Grondwaasserressourcen, ewéi och d'Machbarkeet vun enger Opbereedungsanlag fir Waasser aus dem Museldall. Wahrscheinlech ka just eng Kombinatioun aus béide laangfristeg den zukënftegen Drénkwaasserbedarf decken. Bedéngt duerch de groussen zäitlechen Opwand vun Terrainsaquisitiounen a Leitungsbau fir d'Waasser vum zweete grousse Standuert bis an d'Netz vun der SEBES zu Contern aspeisen ze kënnen, souwéi d'Planung an de Bau vun enger héichtechniséierter a moderner Opbereedungsanlag, mussen d'Studien an d'Planung zäitno ufänke fir zum benéidegten Zäitpunkt operationell ze sinn.